N°7886
Entrée le 16.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7886 vum 13. Abrëll 2023 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Elisabeth Margue an Här Max Hengel.**

*1. Wéi vill Spezialisten, opgedeelt no Fachrichtung, hunn hei zu Lëtzebuerg eng offiziell Zouloossung?*

Am Rapport général sur la sécurité sociale 2022[1] fënnt een, no Fachrichtung opgeschlësselt, d'Zuelen vun den aktiven Dokteren zu Lëtzebuerg aus dem Joer 2021. D'Méthodologie fir dës Zuelen z'établéieren geet aus deem selwechten Rapport ervir[2].

- Nombre de médecins conventionnés à activité significative par spécialité médicale

Spécialité médicale principale 2021

| | | | |
|---|---|---|---|
| Médecine générale | 492 | Médecine dentaire | 531 |
| Anesthésiologie | 96 | Biologie clinique | < 5 |
| Cardiologie | 69 | Chirurgie générale | 81 |
| Dermatologie | < 5 | Dermato-vénérologie | 37 |
| Endocrinologie | 11 | Gastro-entérologie | 26 |
| Gynécologie-obstétrique | 91 | Hématologie générale | 7 |
| Maladies contagieuses | < 5 | Médecine interne | 70 |
| Médecine nucléaire | 11 | Médecine physique et réadaptation | 19 |
| Néphrologie | 14 | Neurochirurgie | 11 |
| Neurologie | 36 | Neuropsychiatrie | 29 |
| Oncologie médicale | < 5 | Ophtalmologie | 61 |
| Orthopédie | 63 | Oto-rhino-laryngologie | 39 |
| Pédiatrie | 99 | Pneumologie | 24 |
| Psychiatrie | 71 | Psychiatrie infantile | 12 |
| Radiodiagnostic | 64 | Radiothérapie | 6 |
| Rhumatologie | 13 | Urologie | 25 |

*2. Wat wëll d'Regierung maachen, fir un fiabel Donnéeën ze kommen, wéi vill Spezialisten an den eenzelen Fachrichtungen, besonnesch an der Pediatrie, aktiv praktizéieren?*

Zur Zäit ginn et verschidden Sourcen vun Donnéeën iwwer déi Dokteren déi aktiv praktizéieren. Fir an Zukunft méi fiabel Donnéeën ze hunn, huet den Gesondheetsministère en Projet lancéiert fir en digitalen Registre professionnel ze schafen, deen iwwer en interaktiven Wee zwëschen Gesondheetsministère an den zougelossenen Dokteren, soll erméiglechen dat déi individuell Donnéeën vun den Dokteren aktuell sinn.
Mat engem externen Fournisseur ass de Gesondheetsministère am gaangen de Cahier des charges vum Projet auszeschaffen. Déi nächst Etapp wär dann d'Realisatioun vum RDPS.

[1] https://igss.gouvernement.lu/fr/publications/rg/2022.html, p. 40-41
[2] https://igss.gouvernement.lu/fr/publications/rg/2022.html, p. 37-38

*3. Wat mécht d'Regierung konkret, fir der genereller Penurie un Dokteren entgéintzewierken?*

Fir der genereller Penurie un Dokteren entgéintzewierken, sinn ënner anerem d'Indemnitéiten fir Dokteren, déi um Wee vun der Spezialisatioun sinn, substantiell eropgesat ginn. Et goufen och finanziell Ënnerstëtzungen virgesinn fir d'Maîtres de stage respektiv d' Spideeler déi des Dokteren encadréieren.

Déi gesetzlech virbehalen Garden an Astreinten an den Spideeler ginn säit Juni 2022 vum Staat bezuelt. Doriwwer raus ginn verschidden Garden an Astreinten bezuelt, wéi z.B. am Kader vun der Maison médicale pédiatrique, wou en 2. Pediater, deen d'Astreinte ass, bezuelt gëtt.

Um Instanzewee sinn zur Zäit zwee Gesetzesprojeten (PL 8009 an PL 8013) déi Zesummenaarbecht zwëschen den Dokteren sollen vereinfachen respektiv nei Weeër vun Collaboratioun zwëschen Dokter an Spidol erméiglechen.

*4. A wat fir Fachrichtunge feelen am Moment déi meeschte Spezialisten?*

De Gesondheetsministère huet keng genau Donnéeën fir auszemaachen a wéi engen Spezialitéiten déi meeschte Ressourcen feelen. An der Étude vun der Madame Marie-Lise Lair "Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg" vum 1ten Oktober 2019 ass allerdéngs analyséiert ginn wéivill Dokteren an deenen nächsten Joeren (2019-2034) an d'Pensioun wäerte goen [3]. Dësen Tableau, deen Dier hei ënnendrënner fannt, wéisst a wéi engen Spezialitéiten déi meeschten Départen wäerten sinn an wou et wichteg ass datt nei Dokteren nokommen.

| **Spécialité médicale** | **Nbr 2017** | **Départs prévisibles 2019-2034** | **Pourcentage** |
|---|---|---|---|
| Anesthésie | 97 | 74 | 76.29 |
| Gastro-entérologie | 23 | 18 | 78.26 |
| Gynécologie-Obs. | 92 | 68 | 73.91 |
| Hématologie | 8 | 6 | 75.00 |
| Médecine physique | 21 | 17 | 80.95 |
| Néphrologie | 13 | 10 | 76.92 |
| Neurochirurgie | 12 | 10 | 83.33 |
| Neurologie | 37 | 33 | 89.19 |
| ***Neuropsychiatrie*** | 36 | 30 | 83.33 |
| ***Oncologie médicale **** | | | |
| Ophtalmologie | 65 | 49 | 75.38 |
| Orthopédie | 56 | 43 | 76.79 |
| ORL | 39 | 34 | 87.18 |
| Pédiatrie | 103 | 72 | 69.90 |
| Pneumologie | 22 | 16 | 72.73 |

[3] *Etude « Etat des lieux des Professions Médicales et des Professions de santé au Luxembourg"* de Madame Marie-Lise Lair, *Partie 8, p. 322, Tab. 8.17 : Nombre de départs prévisibles par discipline médicale de médecins spécialistes à 60 ans exerçant auprès des patients ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, sur la période 2019-2034*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Psychiatrie | 74 | 60 | 81.08 |
| Psychiatrie infantile | 11 | 7 | 63.64 |
| Radiodiagnostic | 60 | 42 | 70.00 |
| Radiothérapie | 9 | 4 | 44.44 |
| Rhumatologie | 18 | 15 | 83.33 |
| Urologie | 25 | 17 | 68.00 |
| Total | 1101 | 848 | 77.02 |

** a été incluse dans la médecine interne car la spécialité est récente et l'oncologie est encore pratiquée par des médecins internistes*

*5. Wat mécht d'Regierung fir speziell an deene Fachrichtungen, wou déi meeschten Doktere feelen, Spezialisten unzezéien?*

Op der Uni.lu gouf d'Formatioun vun den Dokteren ausgebaut um Niveau vun der Grondausbildung awer och an verschiddenen Spezialisatiounen.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert